Laang geplangt

Déi nei Publikatioun „Verbentabellen op Lëtzebuergesch“ vum Jérôme Lulling

LËTZEBUERG
PATRICK VERSALL

Déi allermeescht Lieser, déi de lëtzebuerger Schoulsystem duerchlaf sinn, haten op d‘ mannst schonn eng Kéier e Bescherelle an der Hand, fir franséisch Verben ze léieren. Déi steigent Zuel vu Lëtzebuergeschschüler, déi an ëffentlechen a private Coursen eis Sproch léieren, hate bis elo nach keen esou e Buch. Bis elo.

Buch amplaz Dépliant

De Lëtzebuerger Linguist a Lëtzebuergeschenseignant Jérôme Lulling huet op de Walfer Bicherdeeg säin neit Wierk „Verbentabellen op Lëtzebuergesch“ presentéiert, dat an dësen Deeg un d’Librairen aus dem ganze Land verdeelt gëtt . E soi disant Bescherelle fir lëtzebuergesch Verben, seet den Auteur.

D’Publikatioun aus dem Haus „delarosa éditions“ ëmfaast Tabelle mat 600 Verben op Lëtzebuergesch am Indicatif Présent plus den Infinitiv op Franséisch. An der leschter Kolonn vun all Tabell fënnt de Lieser de Participe Passé plus d’Hëllefsverb wat fir de Passé Composé benotzt gëtt. D’Verben huet de Sproochwëssenschaftler aus dem Korpus vu senger Doktorthese.

De Lulling huet schonns ganz laang mat dem Gedanke gespillt, eng Zort Depliant mat Konjugatiounstabelle plus der franzöischer Iwwersetzung vum lëtzebuergeschen Infinitivverb eraus ze bréngen, „dat hätt ee fir e puer Euro da verkafe kënnen“, erzielt de

> „Verschidde Schüler hu gefrot, ob et och eng App gëtt“
>
> JÉRÔME LULLING, Linguist

Lëtzebuergesch-Enseignant.

Hien huet dunn awer decidéiert, e puer Euro méi ze investéieren an e richtegt Buch auszeschaffen. Niewent de 600 Verben enthält d’Buch 1.200 Beispillsätz an eiser Nationalsprooch mat der franséischer Iwwersetzung hannendrun.

Vill Beispiller huet den Auteur sëlwer erfonnt, anerer huet hien zum Beispill aus Radiosémissiounen iwwerholl. De Jérôme Lulling huet bewosst op méi Beispiller verzicht an duerfir der Publikatioun e puer Kapitele Grammatik spendéiert. D’Tabellen eleng géifen net duer goe fir ze verstoen, explizéiert de Linguist. De Feedback vun de Schüler ass ganz positiv: „Verschidde-ner hu mech scho gefrot, ob et och eng App gëtt oder eng englesch Ausgab”, erklärt de Linguist.

De Jérôme Lulling ass Lëtzebuergeschenseignant bei der Stad Lëtzebuerg Fotoen: F. Aussems/ delarosa éditions

www.lulling.net - D’Buch kascht 13.90

E Staminet eemol anescht

De Stammdësch „Bauen a renovéieren“ vum Oekozenter

„Bauen a renovéieren“ ass Thema vum Stammdësch Foto: Oekozenter

LËTZEBUERG Den Oekozenter Pafendall organiséiert de kommenden Donneschdeg, 4. Dezember e Stamminet vun der besonnescher Aart: De Stammdësch „Bauen a renovéieren“.

Dëse Stammdësch ass den drëtten an enger Serie vun Treffen, op déi interesséiert Leit invitéiert ginn, an enger labberer Ronn en Debat zu engem spezifeschen Thema am Beräich Bauen a Renovéieren ze féieren.

No enger kuerzer Aféierung vu Säiten vum Bauberoder vum Oekozenter Pafendall ka jidderee seng Erfahrungen, Froen oder Umierkungen abréngen.

Den Thema vum Owend ass des Kéier: „Passivhaus, Niedrigenergiehaus und Co - ist das immer sinnvoll?“

Et geet lass ëm 19.30 an dauert ongefeier bis zwou Stonnen. Den Entrée ass fräi an de Stammdësch ass an der Brasserie vum Oekozenter am Pafendall (6, rue Vauban). Jiddereen ass häerzlech wëllkomm. JK/OEKOZENTER PAFENDALL

Léien dass d’Fatze fléien

D’„Peffermillchen“ presentéiert hire Programm „Flunkerland“

DÉIFFERDENG D’Cabaretstrupp „Peffermillchen“ ass e Mëttwoch, den 3. Dezember zu Déifferdeng, fir säi Spektakel „Flunkerland“ um 20.00 am Kulturzenter aalt Stadhaus ze presentéieren.

„Wann et iescht gëtt, muss ee léien“, seet de Jean-Claude Flunker (oder wéi heescht e scho méi?), an zanter Ligebattien op déi Manéier vun uewen erof den offizielle Seege kruten, gëtt an eisem Flunkerland gelunn a bedrunn, datt et niwwelt à kraacht. An der Politik, an der Wirtschaft, an der Kultur, an der Kierch a bei deenen, déi sech Wourecht a Recht op hire Fändel schreiwen - iwwerall ass et Moud ginn, monter ze flunkeren, well ebe scho méi laang alles ganz „iescht“ ass. Eis kleng Insel vun der Glécksélegkeet gëtt mat Ligen zementéiert. Mir beléien eis selwer, well mer soss déi schro Welt dobaussen net aushalen. Mä maache mer eis näischt vir: De Flunker-Virus huet eis alleguer schonn erwëscht. D’Geflunkers ass en neien Nationalsport, mat deem sech jidderee Medaille fänke kann. Dofir flunkert och d’„Peffermillchen“ an hirem neie Programm „Flunkerland“ mat Genoss an ouni Schimmt.

Den Entrée kascht 20 Euro. Entréestickete kritt een am Kulturzenter aalt Stadhaus zu Déifferdeng, op www.stadhaus.lu oder www.luxembourgticket.lu. JK/„PEFFERMILLCHEN“

www.stadhaus.lu